PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur, Interieur & Wunnengsbau weiderzeleeden.

D'Regierung schwätzt oft driwwer, wéi de Budget fir abordabele Wunnraum ëmmer erëm no uewen ugepasst gëtt. D'ëffentlech Bauträger ginn der Demande no abordabele Wunnraum awer net gerecht an esou stinn dausende Leit zënter Joren op de Waardelëschten, ob bei der SNHBM, dem Fonds du Logement (FDL) oder aneren Organisatiounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sozialwunnengen hunn
    1. déi ëffentlech Bauträger
    2. d'Gemengen
    3. Bauträger ouni Gewënnofsicht (ASBLen, Fondatiounen, etc.)
    4. Bauträger mat Gewënnofsicht (Firmen, Fongen, etc.)

   an de leschten 10 Joer gebaut, opgeschlësselt no Joer?

2. Wéi vill abordabel subventionéiert Wunnengen hunn
    1. déi ëffentlech Bauträger
    2. d'Gemengen
    3. Bauträger ouni Gewënnofsicht (ASBLen, Fondatiounen, etc.)
    4. Bauträger mat Gewënnofsicht (Firmen, Fongen, etc.)

   an de leschten 10 Joer gebaut, opgeschlësselt no Joer?

3. Wéi vill abordabel net-subventionéiert Wunnengen hunn
    1. déi ëffentlech Bauträger
    2. d'Gemengen
    3. Bauträger ouni Gewënnofsicht (ASBLen, Fondatiounen, etc.)
    4. Bauträger mat Gewënnofsicht (Firmen, Fongen, etc.)

   an de leschten 10 Joer gebaut, opgeschlësselt no Joer?

4. Wéi vill Leit stinn zënter 2018, opgeschlësselt pro Joer, op enger Waardelëschten fir eng ëffentlech Wunneng
    - bei der SNHBM

- beim FDL?
- bei de Gemengen?
- bei anere Bauträger (falls d'Regierung dës Informatioun besëtzt)?

5. Wéi vill Leit op de Waardelëschten kruten zënter 2018, opgeschlësselt pro Joer, eng ëffentlech Wunneng (Locatioun oder Kaf)
   - bei der SNHBM
   - beim FDL?
   - bei de Gemengen?
   - bei anere Bauträger (falls d'Regierung dës Informatioun besëtzt)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten